



Rapport Referees' Commission - 10.06.2021

Present : Courtois, Frieden, Geib, Kröpelin, Nesser, Simonelli, Weber, Weinzierl

Entschëllegt : Frieseisen

- 1) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 20.04.2021.**
- 2) **Adoptioun vum Rapport Aktivitéiten - Referees' Commission 2020-2021.**
- 3) **Artikel 18 – Code du Handball – nei Versioun :**
Fir weiderhin vun der Erfahrung a Mataarbecht vu laangjärege Member, déi keng aner offiziell Funktioun méi hunn, profitéieren ze kënnen, proposéiert d'RefCom eng Ajoute zum Artikel 18 vum Code du Handball :
« La RefCom peut coopter des membres additionnels selon leurs connaissances et l'expérience requise. Ces membres sont à confirmer par le CA de la FLH »
- 4) **Preparatioun Saison 2021-2022 :**
De Reegel a Laftest ass fir den 10. Juli virgesinn. Eng 2. Sessioun ass de 27. August. De Stage ass da vum 28. op den 29. August.
- 5) **Cours supérieur :**
*De Laftest war den 12. Juni. Den Dag war och den 1. Präsenzcours um INS. 12 Stagiären hunn deelgeholl.
De Reegeltest ass den 10. Juli 2021
Weiderhi sinn nach Couren iwwert d'Kierpersprooch an eng Formatioun mat engem EHF oder IHF Lekturer geplangt.*
- 6) **Versammlung CA – Arbitres EHF :**
Bei engem konstruktivem Austausch sinn d'Mëssverständneser gekläert a gutt Iddien ausgetauscht ginn.
- 7) **Referee's Performance Reports :**
De System vun de Beobachtunge gëtt iwwerschafft. Déi aktuell Formulaire wäerten an nächster Zäit ersat ginn.
- 8) **Delegué a Beobachter :**
Aus diverse Grënn plangt d'RefCom d'Aarbecht vum Delegué an déi vum Formateur/Beobachter ze trennen. Déi néideg Detailer heizou sinn an der Preparatioun.
- 9) **EHF- Arbitter :**
D'RefCom felicitéiert den Arbitter Philippe Linster an Alain Rauchs déi dese Mount de Badge als IHF-Arbitter kruten.
- 10) **Merci :**
*E Merci geet un de Francis Keiffer, den sech no etlechen engagéierte Joren aus der RefCom zréckzitt. Mir freeën eis awer de Fränz weiderhin an der Formatiounsekipp dobäi ze hunn.
Och e Merci un de Roger Frieseisen den d'RefCom während de leschte Joren als Prä-sident gefouert huet. An dem Kontext ënnerstëtzt d'RefCom dem Patrick Simonelli seng Initiative, a fret den CA, de Patrick als neie Prä-sident vun der RefCom ze confirméieren.
Da gratuléiert d'RefCom och dem Georges „Willy“ Geib fir säin onermiddlechen Asaz während Joerzénge.*



Nächst RefCom Ufank der nächster Saison